

*Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké);*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. Robert Garcia, Camille Gira (par M. Robert Garcia), Jean Huss et Mme Renée Wagener;*

*M. Aloyse Bisdorff.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

### **(Assentiment)**

Et ass also esou décidéiert.

Da kéime mer zum leschte Punkt vun eiser Dagesuerdnung, an zwar der Proposition de loi 4854 iwwert d'Cité judiciaire.

Esou wéi et am Reglement vun der Chamber festgehalten ass, stinn dem Auteur vun der Proposition de loi, der Regierung an deene fënnf Fraktiounen jeeeweils zéng Minutte Riednerzäit zur Verfügung.

Et hu sech bis elo ageschriwwen déi Häre Krecké, Helminger, Henckes a Bisdorff.

D'Wuert huet elo den Auteur vun der Proposition de loi, den honorablen Här Robert Garcia.

## **12. Proposition de loi 4854 de M. Robert Garcia**

- portant abolition de la loi du 6 avril 1999 relative à la construction d'une Cité judiciaire au plateau du St-Esprit à Luxembourg et**
- autorisant le Gouvernement à faire procéder à la construction d'une Cité judiciaire sur les îlots de la "Rocade de Bonnevoie" à Luxembourg**

### **Présentation**

**M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG), auteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech si frou, dass ech sechs Méint nom Dépôt vu menger Proposition de loi endlech dozou komme se hei ze presentéieren. Mir hunn eis jo e Reglement ginn, wou gesot gëtt, dass d'Regierung spéitstens dräi Méint nom Dépôt vun enger Proposition de loi hiren Avis ofgi soll. Et huet elo hei an dësem Fall fënnf Méint gedauert, wat dorop schléisst, dass d'Regierung besonnesch intensiv iwwert déi Proposition nogeduecht an debattéiert huet, wat sech och an engem ganz konzentréierten Text vun engem Saz niddergeschloen huet. An der Tëschenzäit war awer allerdéngs glécklecherweis de Schefferot vun der Stad Lëtzebuerg méi

aktiv an huet och an deemselwechten Dossier e bësse méi Fortschrétt erabruucht, wéi d'Regierung selwer.

Ech gi kuerz op eis Motivatioun an, fir dës Proposition de loi ze déposéieren. Mir si scho säit Joren éischter mat stadplaneresche Konzepter ënnerwee wéi mat reng denkmalschützerischen Argumenter, duerfir hate mir och kee Problem, fir déi Proposition de loi, och nom, wéi soll ech soen, verspéiten Aval vun der UNESCO fir deen anere Projet, bäizebehalen. Mir haten eis och deemools als eenzeg Fraktioun, wann ech mech richteg erënnere, net fir dee St-Esprit ausgeschwat, duerfir brauche mir och haut net Slalom zwëschent der Rocade an dem Plateau du St-Esprit ze fueren, mä mir sinn nach ëmmer an eiser selwechter Logik. An der Logik vun eise Propositionen iwwert d'Rotonden, iwwert d'Ateliere vun der CFL an och iwwert d'Implantatioun vun enger Nationalbibliothék net um Kierchbierg, mä op der Gare.

Mir waren ëmmer Befürworter vun enger polycentrescher, ausgewoener Enwécklung vun der Stad Lëtzebuerg mat dräi Zentren: der Uewerstad, der Gare an dem Kierchbierg. Mir hunn ni gesot, dass um Kierchbierg näischt hikomme soll. Mir hunn ëmmer gesot, dass dat ausgewoe si soll. Natierlech kann ee soen, dass deen ale Projet, de bestehende Projet vun der Cité judiciaire, jo och am Zentrum ass. Mir haten eis och dowéinst eigentlech net dogéint ausgeschwat, mä eis enthal, mä an der Zwëschenzäit ass et ëmmer méi kloer ginn, dass dee Projet eng ganz schwéier Hypothék ass fir d'Entwécklung vum Stadzentrum, besonnesch wat de Wunningsbau ubetrëfft an och fir d'Entwécklung vun net administrative Strukturen.

Wéi gesot ass déi Proposition, fir d'Cité judiciaire op d'Rocade ze bréngen, keng Eegeproduktioun, wou mir e Patent géifen drop beusprochen. Dat war Enn September vum Schefferot vun der Stad Lëtzebuerg soulevéiert ginn, a mir hunn eis als Éischt relativ begeeschtert bis frenetesche fir dee Projet ausgeschwat a mir behalen eis Begeeschterung nach ëmmer bäi, besonnesch mat deenen neie Prezisiounen, déi de Buergermeeschter bruecht huet.

Déi Proposition betrëfft eben zwee vun deenen dräi Îloten A, B a C, déi de Moment op de Rocaden nach zur Verfügung stinn. Dem Îlot A, zwëschen der Rocade an dem Boulevard d'Avranches, wou am Ganzen, wann ech den Zuele gleewen däerf, 16.645 m<sup>2</sup> am Besëtzt vun der Stad Lëtzebuerg sinn an 10.540 m<sup>2</sup> private Propriétaires gehéieren. Dann den Îlot C, deen eng Surface totale vu 17.620 m<sup>2</sup> huet, wat am Ganze schonn eng Gesamtzuel vu 27.000 m<sup>2</sup> ausmécht. Dat sinn déi Indikatiounen, déi ech vun deemools hunn an déi natierlech schonn duergoe géifen, fir eng Cité judiciaire op dee Site ze bauen.

Ceci d'autant plus, wou am Verglach mat deem anere Site ee relativ grousst Potenzial fir den Ausbau besteet. Et däerf een net vergiessen, dass de Laboratoire, deen de Moment niewent deem Site läit, jo an de Süde komme soll, op Diddeleng, an dass do natierlech och

schonn erëm eng Partie Areal fräi gi géif, wa sech spéider am 700.000-Stat erweise soll, dass déi Gebai-lechkeeten net duergoe géifen. En plus befénnt sech dee Site och ganz no bei der Polizei, déi jo ganz enk mat de Justizbehörden zesummeschaffe muss.

Ech wëll elo net weider polemiséieren zwëschen deenen zwee Siten. Ech wëll einfach ganz kuerz a bündeg nach eng Kéier d'Virzich vum Site vun der Rocade an d'Fënster setzen.

Den éischte Virzuch ass natierlech ënner anerem dee vun dem Accès. Et dierf een net vergiessen, dass déi Clientel, déi herno an déi Cité judiciaire geet, net nëmmen Affekoten oder Riichtere sinn, mä och Leit, déi dohinner goe mussen. Dat sinn och oft ganz einfach Leit, déi net onbedéngt eng gratis oder eng bezuelte Parkplaz an der Stad hunn, an déi ganz frou wäeren, wa se mam öffentleche Verkéier dohinner komme kéinten. De Site vun der Rocade ass do besonnesch gönschteg, fofzeg Meter vun der Gare ewech an och vun den Haaptautobuslinnen. A souguer fir déi Leit, déi mam Auto kommen, muss ee jo soen, dass deen dote Beräich deen ass, deen am beschte bestückt ass mat Parkhaier, wou jo déi meescht Parkhaier am Dag zum groussen Deel och nach eidel stinn.

**Une voix.** - Nuets och.

**M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG), auteur.** - Nuets brauch een d'Cité judiciaire wahrscheinlech jo net ze notzen.

**(Hilarité)**

Et weess een zwar ni, well d'Justiz kritt ëmmer méi Aarbecht, da ginn och vläicht eng Kéier Nuets-schichten ageluegt, dat kann ech elo net aschätzen.

**(Interruption)**

D'Integritéit vum Site ass och interessant. Wann een dohinner baut, da kann een direkt alles beienee setzen, et brauch een also d'Instanzen net ze éparpilléieren an d'Ausbaufäegkeet vum Site ass och garantéiert, wéi ech et virdru scho gesot hunn, sou dass et net probabel ass, dass an deenen nächste Joerzénge ganz vill Institutiounen vun der Justiz ausgelagert gi missten.

Ausser dem verkéierstechneschen Aspekt ass awer och soss d'Lag ganz gönschteg. Déi Lag ass zwar och net ganz verschidden zu der Lag vun deem anere Projet, mä et muss een awer soen, dass och d'Proximitéit vun der Gare a vum Centre-ville berücksichtegt gi muss, an d'Méiglecheet, fir do e grousst Gebai hinzebauen, en neie "Landmark" quasi als Géigeniwwer vun der Silhouette vun der Alstad, fanne mir besonnesch interessant, a mir géifen et begreifen, wann op där Plaz e representatiivt Gebai stoe kéint. Ech wëll drun erënneren, dass scho viru Joren am Gespréich war, den Utopolis net op de Kierchbiereg, mä op deen dote Site ze setzen, a mir haten dat deemools och schonn ënnerstëtzt.

En anert gewichtegt Argument fanne mir awer och d'Revalorisatioun vun den zwee Quartieren, déi do leien, nämlech dee vun der Gare an dee vu Bouneweg. Dat ass an eiser Logik, déi mir scho säit eise Propositionen vun der Rotonde nach vun den Ateliers ëmmer gesot hunn: Et geet net drëm, fir éiweg iwwert de Verfall vu verschiddene Quartieren ze lamentéieren an ze soen, do wäeren Aktivitéiten, déi net ausgewoe sinn. Wann een en neie Souffle an déi Quartiere ablose wëll, da muss een och Aktivitéiten dohinner bréngen, déi en neie Charakter, eng nei Komponent fördern. A mir mengen, dass eng vun de gréissten Administratiounen aus dem Land an där doter Regioun dozou féiere géif, dass op villen Terrainen déi Quartiere revaloriséiert géife ginn.

Wann ech just de Quartier Bouneweg kucken, deen ech relativ gutt kennen, well ech do jorelaang geschafft hunn, a wann ech gesi wéi zum Beispill d'Substanz vun de Rez-de-chauséeën a verschiddene Stroosse mat der Zäit ausgesinn, doduerch dass vill Geschäfte geplënnert sinn oder ofgeschaf gi si fir déi Pizzerien, da kéint ech mer éischters virstellen, dass an deenen Erdgeschossen, déi jo och net fir de Wunningsbau genotzt gi kënnen, Etuden oder Bureaux d'avocat sech etabléiere kéinten, an dass gläichzäiteg och doduerch, dass eng nei Clientel do wär, d'Geschäftswelt erëm en neie Souffle zu Bouneweg kréie kéint.

Ech wëll awer elo net d'Büroslandschaft a Konkurrenz mat der Wunnlandschaft bréngen. Et muss ee soen, dass de Quartier Bouneweg jo vill méi komplex ass, mä zumindestens an der Géigend vun der Rocade besteet souwuel op der Säit vun der Gare wéi op der Säit vu Bouneweg nach e grousst Potenzial, fir Etablissementen vun Notairen, Affekoten an esou Ähnlechtes ze etabléieren.

Et ass ee Géigenargument, wat een deemools uféiere konnt a wat haut och nach gëllt, dass gesot gëtt: "Okay, et ass vläicht ganz interessant do en neie Projet hinzebauen, mä wann een do en neie Projet maache muss, dann dauert et nach vill méi laang wéi bei deem alen, dee jo quasi Joerhonnerte schonn dauert." Et muss een awer elo soen, dass, wann een dee Projet realiséiere wëll, esou wéi en eis elo presentéiert ginn ass vun der Bauteministerin, dee ganz staark remaniéiert ginn ass, da géif ech awer als Deputéierte mengen, dass do en neie Projet de loi komme muss. Ech ka mer net virstellen, dass dee Projet elo einfach esou remaniéiert iwwert d'Bühn goe géif, dass mir just vläicht nach eng Kéier an der Conférence des Présidents en Aval gi missten.

Ech mengen, do muss och en neie Projet de loi kommen, a wann ech dann awer déi Schwierigkeete gesinn, déi do nach op eis zoukommen, well deen Avis vun der UNESCO geet menger Meenung no awer och net duer fir all Bedenken auszeraumen. Da kënnt ech mer virstellen, dass, wa bis dohin ugefaange gi ka mat bauen, et och nach relativ laang dauert.

Ech ka mech erënneren, dass mir mat verschiddene Kommissiounen eng Entrevue hate mam Architekt, an

den Architekt hat jo an engem Interview mat enger Zeitung behaupt, do wäre ganz vill Buerunge geschitt, an ech hunn e puer Mol nogehakt wéi et da mat deene Buerunge wär, déi bewiese géifen, dass dee Fiels dat Monstergebai aushale géif. Do krut ech all Kéiers eppes aneschters erzielt, an ech wollt eigentlech och hei eng Fro an de Raum stellen, ob een aneren heibanne weess, ob finalement do Buerunge stattfonnt hunn an ob déi Buerunge gewisen hunn oder net gewisen hunn, dass een esou ee grousst Gebai op dee Site baue kéint.

Ech denken, dass d'Géigner vun deem ale Projet, zu deene mir gehéieren, net wäerte labber loossen, fir ëmmer déi Fro do ze stellen, an ech denken, dass dat deem Projet och net grad förderlech wäert sinn. An ech denken och - a mir hunn et deemools an der Proposition de loi scho geschriwwen -, dass, wann ee kuckt wéi kloer déi Verhältnissen op dem Site vun der Rocade sinn, een do relativ séier ee Projet op d'Bee bréinge kéint an een och séier mam Bauen ufänke kéint, sou dass ech meng Zweifel hunn, ob deen dote Projet méi laang dauere géif wéi deen aneren, mä vläicht kann den Här Helminger oder een anere Member vum Schefferot, deen och hei present ass, eis do Opklärung ginn.

Mir op jidde Fall hunn déi Proposition de loi net elo aus enger Laun eraus gemaach, mä mir sinn nach weiderhin iwwerzeegt, dass et politesch realistesch ass, déi Proposition bäizebehalen an et och, géif ech soen, am Wuel vun der Entwécklung vun der Stad Lëtzebuerg sécherlech opportun wär, nach eng Kéier dee bestehende Projet ze revidéieren an an eis Richtung ze goen.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.-** Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Laurent Mosar agedroen. Den Här Mosar huet d'Wuert.

### Discussion

**M. Laurent Mosar (CSV).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den honorable Kolleg Garcia huet d'Chamber mat enger Gesetzesproposition saiséiert iwwert de Bau vun enger Cité judiciaire op der Rocade de Bonnevoie, déi awer gläichzäiteg d'Abolitoun vum Gesetz iwwert de Bau vun enger Cité judiciaire um Helleg-Geescht-Plateau virgesäit. Am Numm vun der CSV-Fraktioun wëll ech heizou folgend Observatiounen maachen:

1. D'Chamber huet de 17. März 1999 mat enger grousser Majoritéit e Projet de loi iwwert de Bau vun enger Cité judiciaire um Helleg-Geescht-Plateau gestëmmt. Och deemools waren d'Vir- an d'Nodeeler vum Helleg-Geescht-Plateau largement bekannt a jiddfer Deputéierte konnt sech deemools en connaissance de cause iwwert dese Projet ausschwätzen. Wann een d'Debatte vun deemools noliest, esou stellt ee fest, dass an enger ganzer Rei vun Argumenter, déi deemools och géint dese Projet an d'Feld gefouert gi sinn, och elo erëm an d'Diskussioun kommen, wat awer net verhen-

nert huet, dass deemools deelweis déiselwecht Leit, déi och haut hei sëtzen, an enger grousser Majoritéit fir dese Projet gestëmmt hunn.

D'CSV-Fraktioun gesäit kee pertinente Grond, fir op dese Vote zrëckzekommen a wiert sech och vehement géint d'Bestriewungen, en definitiivt Gesetz einfach ëmzegeheien ouni dass nei fundamental Elementer dës géifen noutwendeg maachen.

2. Et ass richtig, dass an der Prozedur, wéi se vum deemolege Bauteminister Robert Goebbels ageleet ginn ass, keen Avis vun der UNESCO ugefrot gi war.

Ech wëll haut an hei net méi d'Diskussioun féieren, ob dësen Avis noutwendeg oder net noutwendeg war.

Fakt ass - an ech mengen, de Stater Schafferot huet dat mat guddem Recht gemaach -, dass en d'Zoustëmmung vun der UNESCO als indispensable Konditioun dohinner gestallt huet, fir en Accord, respektiv eng Baugenehmigung fir de Projet ze ginn.

Fakt ass awer och, dass déi aktuell Bauteministesch, d'Mme Hennicot, d'Initiativ geholl huet, de Projet den zoustännegen Instanz vun der UNESCO virzustellen an och op d'Wësch vun dësen Instanzen anzegoen an de Projet op enger Rei vu Punkten ëmzeänneren.

Mir sinn also haut an der Situatioun, dass d'UNESCO an engem rezenten Avis, dee se dozou ofginn huet, sech äusserst positiv iwwert den aktuellen an ëmgeännerte Projet ausgeswat huet. Ech géif lech just vläicht wëllen dat Zitat vun der UNESCO virlesen, well et mer net schéngt oninteressant ze sinn. Et gétt also hei gesot: "La démarche exemplaire du traitement de ce dossier par les autorités du Luxembourg a été saluée. Souhaitant que ceci puisse être possible dans le cadre de chaque projet de construction sur un site du patrimoine mondial ou dans ses alentours."

Ech mengen also schonn, dass déi zoustänneg Baute-ministesch um gudden Wee ass wat de Projet betrëfft, an dass u sech eigentlech och misst en definitiven Accord vun der UNESCO an deenen nächste Wochen heizou kënnen gi ginn.

3. D'Mme Bauteminister huet entre-temps eng Autorisation de principe bei der Stater Gemeng ugefrot. Et ass fir d'CSV-Fraktioun evident, dass déi definitiv Baugenehmigung natierlech muss an Aklank stoe mam Baureglement vun der Stad Lëtzebuerg, besonnesch awer och mat de Bestëmmungen iwwert d'Sécherheet.

4. De Site vun der Rocade de Bonnevoie ass sécherlech e ganz flotten an interessante Site, deen och am Kader vun der Stadentwécklung soll nei erschloss ginn.

De Kolleg Robert Garcia huet virdrun a sengen Duerleeunge geschildert, wat all d'Avantage vun dësem Site sinn. Ech sinn och a groussen Zich mat deem d'accord wat en hei développéiert huet.

D'Stad Lëtzebuerg huet selwer eng Etude volumétrique an Optrag ginn, déi soll déi zwee Standuerter matenee vergläichen, souwuel den Helleg-Geescht-Plateau wéi d'Rocade de Bonnevoie. Déi Etüd ass u sech zur Konklusioun komm, dass d'Cité judiciaire op deenen zwee Standuerter kënn implantéiert ginn. Dës Etüd huet allerdéngs och ganz genau d'Avantages an d'Inconvénientë vun deenen zwee Siten opgezeechent.

Sécherlech, an dat wëll ech hei guer net verstoppen, huet d'Rocade de Bonnevoie eng ganz Rei vun Avantagen, notament um verkéierstechnesche Plang. Deeselwechte Site huet awer och eng Rei vun Nodeeler, déi vläicht bei engem anere Projet manner géifen an d'Gewicht falen, wéi bei der Cité judiciaire, wou jo bekanntlecherweis - an ech mengen, do si mer eis alleguer eens an dësem Haus - eng absolut Urgenz besteet, dass endlech eppes geschitt.

Ech wëll hei dräi Punkten opzielen, déi mir a menger Fraktioun ze denke gi wat de Site vun der Rocade de Bonnevoie ubetrëfft am Kontext vun der Cité judiciaire:

Éischtens gehéieren déi Terrainen, op deenen d'Cité judiciaire soll realiséiert ginn, net alleguer der Stad Lëtzebuerg, mä et sinn och eng Rei Privatpersounen dovunner Propriétaire. Hei missten also Verhandlung gefouert ginn tëschent dem Stat an der Gemeng Lëtzebuerg, wat kee gréissere Problem wär, mä och mat Privatpropriétaires. A wann ee weess, wéi schwierig oft esou Verhandlung sinn, muss een dovun ausgoen, dass dës net esou séier kënnen ofgeschloss ginn.

2. De Stat muss jo souwuel vun der Stad Lëtzebuerg wéi och vun deene Privatpropriétaires Terrainë kafen, wat sécherlech géif zu enger net onwesentlecher Verdeierung vum Projet Cité judiciaire féieren.

3. Dat wesentlechste Argument, dat géint e Projet vun der Cité judiciaire op der Rocade plädéiert, schéngt mer dat ze sinn, dass mer eis alleguer an dësem Haus bewosst sinn, dass mer den aktuelle Projet vum Helleg-Geescht-Plateau net kënnen op d'Rocade transplantéieren. Dat heescht, dass mer op jidde Fall mussen en neie Projet maachen.

Wann ee seet en neie Projet, dann heescht dat jo, dass deeselwechten Architekt soll chargéiert ginn, en neie Projet op der Rocade auszeschaffen. Mir wësse wéi laang dass den Instanzewee ass. Dat heescht, dass ee kann dovun ausgoen, dass mer do géifen zousätzlech zwee oder dräi Joer verléieren, ier kënn op der Rocade de Bonnevoie gebaut ginn.

Ech sinn net d'accord mam Robert Garcia, wann en hei seet, e wier der Meenung, dass misst en neie Projet gestëmmt ginn, well den aktuelle Projet Modifikatioune virgesäit. Mir hu jo hei als Chamber nëmmen e Finanzrahme gestëmmt, a wann een d'Verfassung liest, da gesäit déi ganz kloer vir, dass d'Chamber a sech just d'Regierung autoriséiert, fir e gewëssene Betrag eng Cité judiciaire ze bauen. Dat heescht, dës Chamber muss

u sech just en neit Gesetz stëmmen, wa mer en Dépassement vum ursprüngelech fixéierte Montant missten an d'A faassen.

Ech gesinn also net an, dass zum aktuellen Zäitpunkt misst en neit Gesetz gestëmmt ginn, an dofir menge mir och als CSV-Fraktioun, dass wierklech eng Urgenz ass an dass en eventuelle Projet op der Rocade de Bonnevoie eis zousätzlech géif zwee bis dräi Joer kaschten, an ech mengen, datt een dat nu wierklech eise Justizautoritéiten net kéint zomudden.

Eis Justiz schafft am Moment ënnert Konditiounen, déi engem Land wéi Lëtzebuerg, wat sech jo dobausse gär als eent vun deene ganze räiche Länner wëllt duerstellen, einfach onwürdeg sinn. Ech géif wierklech all Kollegein an all Kolleg invitéieren, sech eemol eng Kéier erëm an de Palais de Justice oder an eis Cour supérieure ze beginn an do eemol ze kucken, ënner wat fir engen Ëmstänn eis Magistraten an eis Affekoten do alldeeglech hirer Aarbecht nogoe mussen.

#### *(Interruptions)*

Ech wëll hei och a puncto Aarbechtsbedingungen d'Press net vergiessen, déi nëmmen ënner schwierigste Konditiounen do kann hirer Aarbecht nogoen.

#### *(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)*

Ech wëll an dëser Opzielung awer net de Justiciable vergiessen, deen, wann en eng Kéier a Kontakt mat de Gerichtsinstanz kënn, sech sécherlech méi wéi ee Mol déi berechtigt Fro stellt, wat dës allgemeng Aarbechtsbedingunge vun der Justiz ugin.

#### *(Interruption)*

Schlussendlech wëll ech, Här Gibéryen, nach eng Kéier op déi katastrophen Sécherheetskonditiounen hiweisen, ënnert deenen an deene leschte Méint verschidde Prozesser hu missen oflafen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an deene leschte Wochen a Méint ass oft iwwert de Fonctionnement vun eiser Justiz geschwat ginn. D'Justiz kann nëmme schnell an effizient schaffen, wa se och déi noutwendeg Infrastrukturen zur Verfügung huet. Duerfir wëll ech mech haut an hei am Numm vu menger Fraktioun géint Argumenter vu verschiddene Säite verwieren, déi mengen, d'Justiz hätt jo elo scho laang genuch gewaart an et géif och op e puer Joer méi net méi ukommen. Dës ass net seriö a mir kënnen mat esou enger Attitude net averstane sinn, an duerfir plädéiert d'CSV-Fraktioun duerfir, datt endlech Neel mat Käpp gemaach ginn,...

#### *(Interruptions)*

...an datt déi drëtt Gewalt am Stat endlech déi Infrastrukture kritt, déi hir zoustinn. Ech soen lech merci.

**M. le Président.-** Als nächste Riedner ass den Här Jeannot Krecké agedroen. Den Här Krecké huet d'Wuert.



**M. Jeannot Krecké (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet St-Esprit hat bekanntlecherweis eng Rei Problemer wéi mer en diskutéiert hunn, déi waren de Leit heibannen, déi deemools hei waren, bekannt, inklusiv de Verrieder vum heitege Schäfferot inklusiv hirem Buergermeeschter, an och an eiser Fraktioun ware Leit, déi Bedenken haten, ouni Zweifel.

Mir hunn dee Projet hei gestëmmt. Mir hate Bedenken. An eiser eegener Fraktioun ware Leit, déi sech Suerge gemaach hunn effektiv ëm ee Problem, dee mir während 20 Joer hei an der Stad Lëtzebuerg dauernd évoquéiert hunn, nämlech dee vum Verloscht vun der Substanz vun de Wunningen. 20 Joer laang huet déi hei Majoritéit gemaach wéi wann dat ee Problem wier, dee si null interesséiere géing, an huet just de Contraire gemaach a kënnt elo lamentéieren.

Mir hunn, wéi d'Bedenke vun der UNESCO ausgedréckt gi sinn, gesot: "Och da sti mer nach zum Projet St-Esprit, wann deene Bedenke Rechnung gedroe gëtt!" Mir stinn och nach wie vor zu där Positioun. Et huet sech erausgestallt, dass déi Bedenken net vun där Envergure waren, wéi se am Ufank ugekënnegt waren, an duerfir soe mir: "Och wann et net dee beschte Site ass, ginn et eng Rei Argumenter fir ze soen: Komm mir fänken do un ze bauen, wou mer ee Projet gestëmmt hunn." Firwat? Et ass e laange Kompromiss gewiescht, an ech weess net wéi laang dass et elo nach eng Kéier dauert, wann ech deen Theater hei zwëschen de Majoritéitspartei gesinn, bis mer erëm eng Kéier e Kompromiss fannen.

Zweetens, den Terrain ass disponibel, während deen aneren Terrain net disponibel ass, a wann ee kuckt wat op der Stäreplaz am Moment ofleeft: Een eenzege Propriétaire, een eenzege Promoteur geet heiansdo duer, fir ee ganze Projet, eng ganz Urbanisatioun ze stoppen. Den Terrain ass disponibel, an dréttens huet d'Stad Lëtzebuerg hire Plan d'aménagement esou gestallt, dass dee Projet an där Form méiglech war. Firwat huet se dat da gemaach, wann dee Projet anscheinend esou schlecht ass? Véiertens muss ech soen, dass de Stat, net d'Stad Lëtzebuerg, mä de Stat méttlerweil vill Milliounen schonn an dee Projet gepompelt huet, a wann Dir gären hätt, dass déi Milliounen alleguerter solle verluer sinn, ma da fuert nach e bësse mat deem Palavers weider.

Fënneftens a leschtens muss ech lech soen: D'Fläche si vläicht gläichwäerteg, mä d'Grundnotzungsfläche si méi grouss op dem gestëmmt Projet wéi op deem, deen elo an der Diskussioun ass.

Sécherlech, an ech hunn et gesot, kënne mir, als Sozialisten, déi Diskussioun, déi elo op eemol entfacht ginn ass vu Säiten notament vun der DP, bal net verstoe wann een observéiert wat fir eng Politik déi lescht zwanzeg Joer hei an der Stad gefouert ginn ass. Do ass no Wunningen null gekuckt ginn. Mir hunn dat dauernd ugeprangert! Elo op eemol muss dee Projet do

hierhalen, fir hei dem Koalitionspartner d'Stir ze bidden.

Deen dote Projet ass gestëmmt gi mat der bestehender Majoritéit am Schäfferot vun der Stad Lëtzebuerg. Ech hunn deemools net héiere wou dee ganz grouse Problem gewiescht si soll, soss hätt dat sech jo hei ausgedréckt. Oder hunn déi Leit dann alleguerter op eemol de Geescht verluer, dass se net méi wëssen, wat se hei gestëmmt hunn a wat se hei gesot hunn? Ech muss soen, den Här Mosar, dat war nu wierklech erëm eng Kéier esou, wéi mer d'CSV ganz oft erlieden: Verständnis fir déi eng Säit, Verständnis fir déi aner Säit, dat ass eemol dat éischt; selbstverständlech musse mer och berücksichtigen, wat op der Rocade méiglech ass, mä selbstverständlech musse mer awer och eppes fir d'Justiz maachen.

Et erënnert mech e bëssen un d'Diskussioun BTB: Déi Zäit, wou mer an der Regierung waren, do ware mer fir de BTB, mä de Schäfferot war dogéint. An déiselwecht Leit hunn de Schäfferot gestallt wéi déi, déi en och an dëser Majoritéit stellen. Ech hunn héieren, dass den Här Helminger op alle Fall gesot huet, datt et net nëmme seng Positioun wier, mä d'Positioun vum Schäfferot, déi en d'lescht Kéier zum Beschte ginn huet, sou dass ech dovun ausginn, dass den Här Mosar deen Dag net do war, wann ech héiere wat en haut vu sech ginn huet. Well dat ass awer nu symptomatesch, wa mer um Krautmaart sinn, wa se am Schäfferot sëtzen, da kusch d'CSV virun der DP, dat ass schonn 20 Joer de Fall, komme se heihinner, da baupse se!

### **(Interruptions)**

Ma et mengt ee grad, Dir wiert net an der Regierung! Wann Dir där Meenung sidd, Här Mosar, dass...

### **(Brouhaha)**

...d'Justiz dat do verdénkt, da sot...

### **(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)**

...Här Mosar, da sot onmëssverständlech: Mir fänken u mat bauen. Dir hutt e Projet do.

Mä ech soen lech eent, Här Mosar,...

### **(Interruptions)**

...wann dee Projet esou ëmgeännert gëtt, wéi ech mengen dass e muss ëmgeännert ginn, a wéi ech verlauschten, dass d'Regierung e wëll ëmänneren, da geet et net ouni en Amendement zum aktuelle Projet, well dann ass mat Sécherheet...

### **(Interruptions)**

...éischters de Programm, an zweetens wahrscheinlech d'Enveloppe financière net ze halen.

Mä wann ech glift bréngt dat!

Ech soen lech just eent: Wann de Programm total ëmgeännert gëtt, da muss nach eng Kéier...

**(Interruption)**

...Mir hunn eis Regele ginn an dëser Chamber, wou et ganz kloer ass. Et muss keen neie Projet ginn, mä et muss gegebenfalls een Amendement ginn. Ob alle Fall muss d'Chamber, wann de Programm sou ëmgeännert gëtt, wéi dat sech undeit, sech zumindest driwwer ausdrécken, dass se domat kee Problem huet.

Well den Exposé des motifs, an deem u sech de Bau-programm dran ass, il ne fait pas partie du corps de la loi, d'accord, mä da brauche mer keen Exposé des motifs méi, da brauch et nach just ee Saz.

Or, mir hunn een Exposé des motifs, mir hu Pläng, a wann dat de Fall ass, da muss ech soen, musse mer eis nach eng Kéier driwwer ausschwätzen. Quitte dass, wann et nëmmen de Programm ass deen ännert an d'Enveloppe net, mer da keen neit Gesetz brauchen.

Do sinn ech dermat d'accord. Mä wann awer...

**(Interruptions)**

Wann ech glift!

Wann d'Enveloppe financière ännert - et wier jo erstaunlech, wann déi op de Frang déiselwecht géing bleiwen -, da musse mer hei en Amendement dozou stëmmen. Dat ass sonner Zweifel de Fall.

Mä dat geet méi schnell, wéi muer een neie Projet hei stëmmen. Ech muss lech soen, hei geet et och e bëschen ëm d'Glafwierdegkeet vun der Politik. Wann ech den Theater gesinn, deen hei opgefouert gëtt, mir hunn och an eiser Fraktioun eng ganz Rei Leit déi Bedenken hunn. Mir hunn net d'Verantwortung.

Huelt Dir d'Verantwortung, mir hate se.

**(Interruptions)**

Mir hunn eis Verantwortung geholl. D'Justiz huet e Projet gestëmmt krut, déi hunn e Projet, dee konnt exekutiert ginn. Elo hu mer eng Majoritéit, elo hu mer zwou Parteien, déi sech an den Hoer leien.

Wann ech glift, huet Är Responsabilitéit, baut et. Wann der d'Impressioun hutt, DP an CSV, dass dat esou schlecht ass, ma da bréngt een neie Projet, mä haalt op mat deem Theater, deen der am Gaange sidd ze féieren, wou een deen anere probéiert erauszuemaneuvréieren. Huelt Är Responsabilitéit. Weist, dass Der responsabel hei am Land kënnt virgoen.

Mir hunn et an der virechter Majoritéit gewisen. Ech hunn d'Impressioun, dass Dir dat do net ronn bréngt.

**(Interruptions)**

Här President, ech muss soen, et ass en...

**(Interruptions)**

**Une voix.-** Här President, den Här Krecké huet haut ee schlechten Dag.

**(Coups de cloche de la Présidence)**

**M. Jeannot Krecké (LSAP).**- ...traurege Spektakel...

**(Interruption)**

...deen Dir dem Land gitt.

Gitt hin, huet Är Responsabilitéit a kuckt, dass dat do gebaut gëtt.

A wann Der der Meenung sidd, et misst op d'Rocade kommen, da maacht et op d'Rocade, mä haalt op mat deem Theater.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.-** Als nächste Riedner ass den Här Paul Helminger agedroen.

**(Interruptions)**

Dann huet elo den Här Henckes d'Wuert.

**Une voix.-** Dat geet awer net.

**M. le Président.-** Wann hei gefrot gëtt an et sinn zwee Kollegen d'accord fir ze tauschen, da gesinn ech awer keng Schwiereregkeet. Ech mengen, Dir kënnt dat awer maachen.

**(Interruptions)**

**Une voix.-** Här President, gitt dem Här Krecké eng Temesta!

**(Hilarité)**

**M. le Président.-** Ech mengen, wann déi keng Schwiereregkeete gesinn.

Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

**(Interruptions)**

**M. Jacques-Yves Henckes (ADR).**- ...datt e mer d'Méiglechkeet gëtt, fir eppes éischer ze schwätzen. Ech muss och effektiv soen, datt déi Debatten, déi mer bis elo haten, zimlech interessant waren a verschidde Contradictiounen opweisen.

Ech erënneren drun, datt déi Proposition de loi vum Här Garcia zwee Voleten huet. Dat eent ass d'Abrogatioun vum Gesetz, wat d'Regierung autoriséiert, fir eng Cité judiciaire um Helleg-Geescht-Plateau ze bauen, an dat zweet fir eng Cité judiciaire op der Rocade de Bonnevoie ze bauen.

Déi Abrogatioun vum Gesetz iwwert d'Cité judiciaire an déi Proposition, déi den Här Garcia mécht, baséiert op enger Proposition, déi de Stater Buergermeeschter gemaach hat viru sechs Méint a wou et natierlech wor, datt den Här Garcia gesot huet, et wier elo opportun, fir esou eng Mesure ze huelen.

Wat ons awer alleguerten erstaunt huet, dat ass datt, wéi de Buergermeeschter vun der Stad Lëtzebuerg déi

Proposition gemaach huet, keng Etude volumétrique bestanen huet. Déi ass eréischt elo am Februar erstallt ginn. Ech mengen et ass net gutt, wann ee Propositionen an d'Welt setzt, ouni eng Etude volumétrique ze hunn, sou datt mer elo bal eng fënnef, sechs Méint verluer hunn, ier mer dann erausfannen, datt et - sou wäit wéi ech déi Donnéeë konnt hunn - mat der Plaz, déi fir déi Cité judiciaire sollt virgesi sinn, op der Rocade de Bonnevoie viraussichtlech net wäert duergoen.

Deen zweete Problem, dee sech bei der Rocade de Bonnevoie stellt, dat ass deen, datt gebaut sollt ginn iwwert der Eisebunnslijn selwer an datt op der Eisebunn geféierlech Giddertransporter transportéiert kënne ginn. Dofir ginn et och déi international Reglementer, déi mussen agehale ginn. Or, d'CFL huet kee Kommodo-Inkommodo. Et weess een also net, ënnert wat fir enge Konditiounen kéint iwwerhaapt iwwert den Eisebunns- gleiser gebaut ginn.

Wann een d'Konditiounen kuckt, déi am Ausland bestinn, da gesäit een, datt do eng etlech Moossname musse geholl gi fir iwwerhaapt esou eppes ze erméiglechen. Et wäert och do nach munnech Schwieeregkeete ginn. Ech gesinn eng etlech Recours vu Bierger vir, déi kéinten einfach bemängelen, datt an Absence vun engem Kommodo-Inkommodo d'Gesetzagratioun vun der CFL och net kënnt iwwert deene Gleiser do gebaut ginn.

Bref, do gesinn ech, datt mer eng etlech Problemer wäerte kréien, ofgesi vun deem, deen den Här Mosar mat Recht ervirgestrach huet. Dat ass, datt bal d'Halschecht, 10.000 m<sup>2</sup>, a privater Hand sinn.

Mä et muss een awer och soen, datt de Projet vun der Cité judiciaire um Helleg-Geescht-Plateau eng etlech Problemer opwerft. Ech sinn net mam Här Mosar d'accord, mat der CSV d'accord, wa se seet, datt een net misst en neie Projet de loi maachen. Well wann ech d'Mme Ministerin richteg verstanen hunn, huet si sech an der Bautekommissioun dofir engagéiert, fir en neie Projet de loi ze maachen.

### **(Brouhaha général)**

Si huet et op jiddfer Fall an Aussicht gestallt.

### **(Coups de cloche de la Présidence)**

D'autant plus, an ech wëllt der Regierung awer eng kleng Informatioun ginn, datt, wann déi nei Pläng sollten ugeholl ginn, da gëtt jo een Deel vun deem Bau méi no bannen op d'Helleg-Geescht-Plaz eragebaut. Or, do ass ënnerierdesch en öffentleche Parking, deen enger privater Gesellschaft gehéiert, a wa meng Informatiounen richteg sinn, muss, fir kënne do ze bauen, de Stat vun där Gesellschaft hir Parkingsrechter - dat wäert ongeféier een Drëttel vun de Parkingsrechter sinn - ofkafen. Datt d'Diskussiounen bei 400 Milliounen do leie vu Revendicatioun, déi déi Sociétéit stellt, fir kënne op där Plaz do ze bauen.

Et muss een och vläicht unhuelen, datt och do an deem Kontext et zu Prozesser wäert kommen, sou datt mir eng etlech Schwieeregkeete gesinn, och prozeduraler Natur, ier mer do kënne weidergesinn.

Deen anere Problem, dee mer net midd ginn opzeweeren, dat ass, datt bis elo nach net eindeuteg feststeet, datt iwwerhaapt op där Plaz do ka gebaut ginn, well déi Etudes géologiques, vun deenen ons geschwat ginn ass, kee bis elo ze gesi krut, an et weess och keen, wat genau gemooss ginn ass. Et ass behaupt ginn, et wier eppes geschitt, mä alleguerten déi Leit, déi op deene Sitë gebaut oder geschafft hunn, soen, datt et äusserst geféierlech wier, fir do ze bauen.

Mir mengen, datt déi zwee Siten net erlaben, fir eng Cité judiciaire rapid ze bauen.

Mir mengen au contraire, datt een all Autorisatiounen an all Méiglechkeeten huet, fir kënne op der Place de l'Etoile virunzekommen. Do sinn iwwert 100.000 m<sup>2</sup> zur Dispositioun fir ze bauen. All Recoursen, all Agrementer déi bestinn, si realiséiert. Et muss ee bedauern, datt d'Regierung näischt mécht, fir op där Plaz virunzekommen.

### **(Interruptions)**

Et ass en eenzege Feeler vun der Regierung, an do leien all Autorisatiounen vir, an et kënnt ee roueg do ganz séier eng Cité judiciaire bauen. D'autant plus, datt verschidden Infrastrukturearbechte scho gemaach sinn an datt eng etlech Gebailechkeete schonn ofgerappé gi sinn.

Aus deenen zwee Grënn wäert Der och verstoen, datt mer och mat der Proposition de loi vum Här Garcia ganz vill Verständnis hunn, mä awer eng aner Optioun virgesinn, nämlech déi vun der Place de l'Etoile.

**Une voix.-** Très bien.

**M. le Président.-** D'Wuert huet elo den Här Paul Helminger.

**M. Paul Helminger (DP).** - Här President, léif Kolleegen a Kolleginnen, et ass am Fong gutt, datt mer bei Geleeënheet vun der Diskussioun iwwert d'Proposition de loi, déi den honorablen Här Garcia hei abruecht huet, kënne iwwert dee Projet, weinstens elo eng Kéier, schwätzen. Ganz ofgesinn dovun, wat eventuell nach am weidere Verlaf vun der Prozedur hei an der Chamber méiglech oder noutwendeg ass, an datt mer dobäi och kënne op déi Problematik agoen, déi sech jo ronderëm zwee Themen dréit, déi - géing ech emol mengen - eis alleguerten, ob mer nun an der Stad wunnen oder net, gläichermoosse missten um Häerz leien.

Dat éischt, dat ass d'Justice an déi Manéier, wéi se funktionéiert. De Laurent Mosar huet en Appel gemaach, emol kucken ze goen, wéi et bei der Justice ausgeséich. Ech ginn dovun aus, datt der eng ganz Partie vun eis déi Situatioun kennen.

Ech wëll just soen, datt ech als Buergermeeschter, wéi mer bis ugefaangen hu seriö iwwert déi Alternativ vun der Rocade ze schwätzen, effektiv selwer an de Palais de Justice gaange sinn, fir der Magistratur déi Alternativ virzustellen, an datt ech do eigentlech mat enger grousser Freed ëmfaange gi sinn, well si hu gesot: "Dat ass elo fir d'éischt zënter dräi Joer, datt iwwerhaupt ee mat eis schwätze kënn iwwer wéi mir sollen an Zukunft a wou funktionéieren."

Dass do eppes d'urgence et de toute urgence muss geschéien, dat ass ganz kloer. Déi Kolleege, déi mat mir am Schäfferot vun der Stad Lëtzebuerg sinn, wëssen och, datt d'Stad bei allen Démarchen, déi se an deem Dossier gemaach huet, ni verkannt huet, datt d'urgence muss eppes fir d'Justice geschéien, an datt och bei all deenen Démarchen ëmmer duerfir gesuergt ginn ass, datt doduerch keen Zäitverzuch géing entstoën.

Zur Stad, deen zweeten Thema, deen eis alleguerte sollt um Häerz leien, well ech mengen, et ass net nëmmen ons Stad, fir déi, déi an der Stad wunnen, mä et ass och eis Hauptstadt. Et ass richtig, et ass vläicht réischt zënter kuerzem, net nëmmen an der Stad, mä uechtert d'Gemengen am ganze Land sech Iddie gemaach gi sinn iwwer eng méi kohärent Stadentwécklung.

Et hëlleft net ganz vill, Här Krecké, fir ëmmer erëm ze soen, dat hätt Der scho kënne virun 20 Joer maachen. Wëllt Der domat soen: "Duerfir huet et och haut kee Wäert méi"? Mä ech contestéieren déi Behauptung, well de Joly-Plang ass wäitgehend no aller Literatur, déi mer bis elo virgeluegt kruten, ee Stadentwécklungsplang, deen allerdéngs elo nach muss ausgedäitscht ginn. Ech kann also nëmme just soen, datt et souwisou ni ze spët ass, an datt, wann nei Erkenntnisser kommen, een an engem Moment, wou um Site nach näischt geschitt ass, sech déi Saach nach ëmmer kënn eng Kéier iwwerleeën.

Wann ech bedenken, wéi déi hei Regierung zum Beispill décidéiert huet, datt se d'Nationalbibliothék net géing an engem neie Gebai um Kierchbiërg ënnerbréngen, mä dass et méi sënnvoll wär, fir se an e bestehend Gebai zesumme mat anere kulturellen Institutiounen, déi um Kierchbiërg bestinn, ënnerzebréngen, da stellen ech fest, datt et och bei dëser Regierung méiglech ass, fir hir Meenung ze änneren, wann nei Erkenntnisser kommen.

Ech muss lech éierlech soen, et fält mir absolut net schwéier feststellen, datt effektiv 1999 an enger gewëssener Situatioun, mä nodeems mer d'Ried héieren hu vun der deemoleger Buergermeeschtesch - an ech géing lech wierklech bieden, déi nach eng Kéier nozelen - schwéieren Häerzens, mä ëmmerhin, eisen Accord ginn hunn zum Projet de loi fir d'Cité judiciaire um Plateau vum Hellege Geescht ze bauen.

Dat war och schonn de Fall 1994, wéi mer de Klassement vun deem Terrain, ëm deen et hei geet, esou ëm-

geännert hunn, fir datt et méiglech war, fir eng Cité judiciaire drop ze bauen. Woubäi ech awer wëll soen, datt dee Moment déi Pläng vun deem, wéi dat sollt a wat sollt gebaut ginn, nach net bekannt waren, mä ech ginn emol dovun aus, datt dat der Kaz kee Bockel gemaach hätt.

Déi zwou Décisiounen, déi Décisiounen, déi an der Stad gefall sinn, déi Décisiounen, déi hei an der Chamber gefall sinn, deen éischten Accord de principe, deen ech am Oktober 2000 ginn hunn, dat alles ass geschitt ënnert dem duebelen Drock vun der Urgence, déi och haut nach besteet, fir méiglechst séier eppes fir d'Justiz ze maachen, an ënnert der klorer Ausso: Et gétt keng Alternativ. Do ass dee fundamentale Changement, Här Krecké an Dir Hären, deen de Schäfferot vun der Stad Lëtzebuerg - ech soe bewusst de Schäfferot vun der Stad Lëtzebuerg - derzou beweegt huet, fir ze insistéieren, fir dass déi Alternativ soll seriö envisagéiert ginn.

Den Här Henckes seet: Firwat mécht een eng Proposition d'alternative an et mécht ee keng Etude volumétrique? Ech wëll do dem Här Henckes just soen, dass ech vun enger ganzer Rei Leit, ënner anerem och vu Leit an der Magistratur de Reproche gemaach krut, dass mir déi Etude volumétrique gemaach hunn, well se waren der Meenung, de Stat hätt déi solle maachen, well de Stat ass jo de Bauhär, net d'Gemeng. Mir hunn en Terrain offréiert, vun deem mir gemengt hunn, e géing sech préteieren. Dat ass elo geschwënn néng Méint hier. Wann een also hätt wëllen do eppes maachen, hätt ee scho laang kënnen d'Initiativ huelen. Wéi awer du vum Hierscht d'lescht d'Joer bis Januar dëst Joer näischt geschitt ass, hu mir effektiv gesot, well mir et seriö gemengt hu mat där Alternativ, da maache mir elo déi Etüd, fir ze weisen, ob et geet oder net. Et hätt jo och kënne sinn, dass déi Etüd gewisen hätt, et géing net goen.

Dee Kontrakt ass ënnerschriwwen gi vun all eenzelne Member vum Schäfferot. Déi Etüd hat zum Zweck, fir derfir ze suergen, an et steet op der Säit 5 vun der Etüd: "Damit sich die sachlich richtige und beste Lösung durchsetzt", an engem Dossier, dee jo leider ganz staark duerch Emotiounen, duerch virgefaasste Meenungen an duerch Polemik charakteriséiert ass. Dat war den Objektiv.

Mir hunn déi Etüd dunn - no engem ganz kuerzen Zäitraum - am Februar kritt. Mir hu se analyséiert. Mir hu se diskutéiert. Mir hu se am Schäfferot diskutéiert. Mir hunn nach e Strategiepabeier derbäi geluegt: "Strategie für die Oberstadt", deen ënnerschriwwen ass: "Der Schöffenrat der Stadt Luxemburg". A mir hunn an engem Brëif vum 26. Mäerz, wou all Wuert dervun am Schäfferot gekuckt ginn ass a wou mer alleguer och deementspreechend d'accord sinn, der Mme Minister Erna Hennicot-Schoepges, mä och den Här Minister Luc Frieden a Michel Wolter, déi Dossieren zougestallt. Ech zitieren aus deem Brëif: "Le Collège échevinal faillirait cependant à sa responsabilité s'il ne soumettait



pas à l'appréciation de toutes les parties concernées une analyse comparée des sites du St.-Esprit et de la Rocade." E bësse méi wäit: "Le Collège échevinal de la Ville de Luxembourg vous demande" - deenen dräi Ministeren - "instamment d'examiner sérieusement les arguments énoncés dans l'avis ci-joint."

Ech hunn och elo nach eng Kéier op dee Bréif higewisen, well ech hu virdu gesot, dass mer d'Zäit net wëlle schleefe loossen. Mir hunn dat och effektiv net wëlles. No deenen Décisiounen, déi geholl gi sinn 1994, no deenen Avisen, déi mer vun der UNESCO kruten, an no deem dee Projet modifizéiert ginn ass, huet de Buergermeeschter vun der Stad, nom Bautereglement vun der Stad Lëtzebuerg, strictement keng Handhab méi, och wann en et géing wëllen, fir deem Projet d'Autorisation de principe ze refuséieren, allerdéngs eng Autorisation de principe sous condition.

An och do wëll ech soen, déi 14 oder 15 Konditiounen, déi mer do gestallt hunn, déi och vun eise Servicer ausgeschafft gi sinn, déi vun der Commission élargie en matière de bâtisse ausgeschafft gi sinn, wou den Architect vum Stat dra sëtzt, wou de President vum Tribunal dra sëtzt, och déi Konditiounen sinn am Schäfferot vun der Stad Lëtzebuerg ofgeseent ginn, well ech hunn natierlech an deem Dossier do net selbstherrlech gehandelt, mä probéiert fir e méiglechst breede Konsens ze fannen.

Deen Accord de principe, deen ass gëschter der Bauteverwaltung zougestallt ginn. Et ass elo un der Bauverwaltung fir déi definitiv Pläng, déi se schonn eng Kéier eragereecht hat - wat awer och net korrekt war laut den Dispositiounen vun eisem Bautereglement, well se fir d'éischt deen Accord de principe do gebraucht huet, fir dorophin hir Pläng nach eng Kéier ze iwwerschaafen, well déi éischt Pläng sinn net autorisabel laut verschiddene Punkte vun dem Bautereglement vun der Stad Lëtzebuerg -, fir déi dann elo no deene Konditiounen nei auszeschaafen a se dann erëm virzeleeën, fir eng definitiv Baugenehmung ze kréien. Ech ginn emol dovun aus, dass dat do net a 14 Deeg wäert de Fall sinn, well esou séier kann hei net geschafft ginn.

Ech wëll elo net am Detail alles duerchgoen, wat an deem Gutachten "Cité judiciaire" zu Lëtzebuerg steet. Ech wëll drop opmierksam maachen, dass ech probéieren déi modern Technologie vun der Chamber ze gebrauchen. Ënner "Info - Cité judiciaire" fannt Der dräi Graphiken. Eng "Cité judiciaire - Standorte". Eng aner "Cité judiciaire - accessibilité". Nach eng aner "Cité judiciaire - Oberstadt", fir e bëssen dach ze illustréieren, wat ech wëll soen.

Et geet mat där Graphik "Standorte" un: Mir hunn en Avis gefrot gehat bei dem Büro Dewey & Muller, Büro, deen ech öffentlech hei wëll félicitéieren fir déi remarquabel Aarbecht, déi se gemaach hunn. Et ass probéiert ginn, fir Sérénitéit an déi Diskussioun eranzebréngen,

doduerch dass en équilibréierten an nuancéierte Vergleich opgestallt ginn ass tëschent deenen zwee Standuerter, och dass d'Sensibilitéit vun der Justiz respektéiert gëtt, eng Justiz, vun där mir wëssen, dass se gären an der Stad, net an der Périphérie vun der Stad wär, eng Justiz, vun där mer wëssen, dass se sech gären ausdréckt, net an engem Sammelsurium vu Gebaier, mä an enger Cité judiciaire, déi op engem méiglechst enke Raum déi verschidde Fonctionnalités vun der Justiz zesumme faasst, dobäi awer deenen eenzelnen Elementer vun der Justiz et erlaabt, fir hir Individualitéit auszudrécken. Dat ass op deenen zwee Standuerter méiglech. Déi eenzeg Ausso, déi d'Expäre sech erlaben, ass, fir ze soen, dass wéinst der Contrainte vum Site historique dat Ganzt finalmente drop erausleeft, dass d'Justiz sech praktesch um Helleg-Geescht-Plateau muss verstoppen. Ech erënneren drun, dass an enger Kommissionssitzung an der Chamber den Architect, deen de Projet développéiert huet, gesot huet, wéi Remarken iwwert seng Architektur komm sinn: "Et wuesse jo Beem ronderëm, da gesäit ee se net méi."

Während op dem Site vun der Rocade effektiv - engem vun deene schéinste Siten, géif ech behaupten, déi mer iwwerhaupt an der Stad hunn - déi Justiz sech kënnt voll entfalten a sech net bräicht ze verstoppen.

Wann Der gesitt wéi no déi zwee Site beienee leien, mengen ech, eriwweegt sech eng Diskussioun, ob dat do elo an der Stad ass oder ob et net an der Stad ass.

De Problem vun de Flächen: Ech muss éierlech soen, entweder hunn nach ëmmer d'Kollegen, déi Kommentare gemaach hunn, dat Gutachten net gelies, oder ech weess net zu wat fir enger anerer Konklusioun ech soll kommen. Ech liese jiddendalls op Sait 11 vun deem Gutachten: "Der Flächenvergleich zeigt, dass das Programm der Cité judiciaire auf der Rocade de Bonnevoie verwirklicht werden kann." Si soe souguer, dass bei där Variant se iwwer gewësse Reservefläche verfügen a se schreiwen als Konklusioun ënnen op der Sait 11: "Sollte das erforderliche Erweiterungspotenzial deutlich über 12%" - dat sinn déi 12%, déi elo an deem jetzege Projet um Helleg Geescht nach dra sinn "der jetzigen gesamten Nutzungsfläche von..." - an da kënnt d'Ziffer - "liegen, bietet die Rocade de Bonnevoie die günstigeren Voraussetzungen für eine Realisierung." Ech verstinn d'Welt net méi, wann dat do net eng klor Ausso vun eisen Expären zu deem Thema ass.

D'Accessibilité: Ech ginn net laang drop an. Däerf ech just drun erënneren, dass den Innenminister a Landesplanungsminister Michel Wolter des Woch nach an der Chamber an enger anerer Standuertdiskussioun iwwert de Lycée zu Péiteng ganz klor gesot huet, dass ee vun de Kärprinzipien, ee vun deene wichtegsten, fundamentale Prinzipien vun der Stadentwécklung deen ass, dass een nei ze schafend administrativ Fläche sollt méiglechst no bei den öffentlechen Transport

setzen. Méi no wéi d'Rocade gesinn ech net dass ee kënnt nei Fläche schafen. Ech maachen zousätzlech drop opmierksam, wéi aus där Kaart ganz däitlech ervirgeet, dass de Site op der Rocade vu wéinegstens dräi Säfte souwuel kann ugefuer wéi erëm verlooss ginn, während de Site um Hellege Geescht just eng schmuel Entrée huet an eng schmuel Sortie direkt virum Tunnel, deen ënnert dem Regierungsvéierel an ënnert der Alstad erduerch fiert.

Schlussendlech déi lescht Problematik: d'Uewerstad. Dat ass eng aner Graphik. Ech hätt och nach kënne eng Graphik weisen iwwert d'Besetzverhältnisse, wouraus ganz klor ervirgeet a wat net verwonnerlech ass, well d'Stad jo eng Hauptstadt ass, dass esou vill öffentlech Gebaier an der Uewerstad sinn. Dozou ziele Bürosgebaier. Bien entendu och d'Märei, d'Kathedral, d'Schoulen. Émmerhi weist dat däitlech, wéi limitéiert de Potenzial iwwerhaupt ass, fir an der Uewerstad deen Trend ëmzekéiere vun deene 6.000 Leit, déi mir eng Kéier do wunnen haten an de 60er Joren, a wou mer der haut knapps 2.700 zielen, wa mer net d'Geleeënheet notzen, fir eis et nach eng Kéier ze iwwerleeën, ob et net méiglech wär, fir där eenzeger grousser verfügbarer Fläch eng aner Affektatioun ze ginn, wéi do nach Büroen ze bauen, an zwar Büroen ze bauen, fir déi d'Fläch net duergeet, wou mat Sécherheet een dovun kann ausgoen, dass an Zukunft déi Cité judiciaire, wa se do gebaut gëtt, sech nach weider wäert um Hellege Geescht ausdehnen, an da brauch awer kee méi, weder hei nach am Stater Gemengerot ze kommen an nach eng Kéier dervun ze rieden, dass mer nach gären zousätzlech Leit an der Uewerstad hätten, well ech wéisst mam beschte Wëllen net, wou mer se nach géingen usiedelen.

E leschte Punkt, deen och zu deene Konditiounen gehéiert, déi mer am Accord de principe festgehalten hunn, de Problem vun der Sécherheet. Et gëtt zum Beispill gesot, dass een direkt vun der Entrée, déi jo da virum Tunnel ass, en direkten Accès huet an eng Sécherheitsgarage. Et ass och richtig, dass à l'intérieur vun de Gebaier eng Rei Mesurë geholl gi sinn, fir dass d'Détenus à haut risque kënne direkt vum Parking erop an de Verhandlungssall oder an de Verhéierungsraum geféiert ginn, mä iwwert d'Sécurité extérieure kee Wuert.

Dofir hu mer och gefrot, dass d'Regierung eis soll eng Etüd maache loosse vun engem Organisme spécialisé, wéi se gedenkt d'Sécurité extérieure vun der Cité judiciaire ze garantéieren, well an där Zäit wou mer liewen denkt jo awer sécher keen, dass de Prozess Jurado dee leschte Procès à haut risque war. Or, hei geet et an eng Sakgaass, well den Helleg-Geescht-Plateau ass eng Sakgaass, wou iwwer zwou schmuel Spure just virum engem Tunnel eran an eraus gefuer gëtt. Ech muss lech éierlech soen, do géif ech awer gären, ier ech eng definitiv Baugenehmung gefrot kréien, explizéiere loosse...

### (Interruption)

Dach, Här Henckes, do hu mer no dräi Säiten Accès a Sortie.

Si läit net nëmme iwwert der Eisebunn. Do hutt Dir lech total geiert. Laanscht d'Rue du Laboratoire läit eng Straif iwwert der Eisebunn. De Rescht läit guer net iwwert der Eisebunn.

Schwätzt dach net iwwer eppes, wat Der net gesinn hutt, Här Henckes.

Déi Sécherheitsproblematik ass jiddefalls eng, déi nach seriö muss gekuckt ginn.

Da gëtt vun den Délais geschwat. Dee Projet, deen elo virläit, muss souwéi nach eng Kéier iwwerschafft ginn. Ech muss éierlech soen, wann et ëm d'Stadentwécklung geet, déi d'Entwécklungsbild vun der Stad während dem nächste Jorhonnert prägen wäert, dann erlaabt dem Buergermeeschter vun der Stad, wann et och nëmme hien eleng wär, ze fillen, dass déi Suen, déi en Architekt fir geleeschten Aarbecht als Honorar kritt, nu wierklech Peanuts si par rapport zu deem, wat dat als Entwécklung fir d'Zukunft vun der Stad bedeit.

En neie Projet de loi? Ech ka mech nëmme deenen uschleissen déi dat fuerderen. Ech hunn d'Gesetz selwer nach eng Kéier gelies. Wann een deen Exposé des motifs liest, wann een och do erëm an der Kopp huet, wat fir eng Standuertdiskussioun mer dee leschten Dënschdeg hei an der Chamber gefouert hunn iwwert de Lycée zu Péteng, wann ech bedenken, wat fir eng Diskussioun mer féieren, wann eppes Klenges muss geännert ginn un der Coque um Kierchbiere, kann ech mir dach net virstellen, dass mer elo hei higinn a soen, déi dräi Zeilen, déi mer am Gesetz stoen hunn, déi ginn duer, dass dräi Gebaier ewechfalen, eng Crypte archéologique an d'Halschent vun de Staatsarchive mussen ëmgebaut ginn, Gott weess, wat fir aner Gebaier nach musse bäigeholl ginn, fir dass dat ka realiséiert ginn, an da maache mer dat einfach mat engem Amendement. Dat kann ech mir mam beschte Wëllen net virstellen. Jiddefalls sinn ech der Meenung, dass do eppes geschéie muss.

Dann d'Geschicht vun de Privatpropriétaires. Et ass richtig, dat ass ee vun de Punkten. Et gëtt och nach eng Rei anerer, déi vun den Auteurs "pour avis" relevéiert ginn, Punkten, déi och eng Kéier musse seriö gekuckt ginn.

Wa mer do déi véier Stäck ënnerierdege Parking gebaut hunn, déi elo ënner ganz anere Konditiounen gebaut gi musse wéinst där Crypte archéologique, wou mer héchstwahrscheinlech ee Stack méi déif goe mussen - well am Projet dee virlung, fir den Accord de principe ze ginn, geet zwar vu véier ënnerierdege Steck rieds, mä d'Pläng weisen der awer nëmme zwee aus - da stëmmt et net méi mat der Zuel vun de Parkplazen, déi virgesi

sinn, fir déi Cité judiciaire herno funktionnéieren ze dinn. Also bref do sinn nach eng ganz Partie Saachen, déi iwwerkuckt gi mussen an déi och net vun haut op mar iwwerkuckt ginn.

An ech behaupten nach eng Kéier, datt op der Rocade de Bonnevoie mat engem bestehende Parking, mat enger bestehender Cogénératiouns- anlag, wou mer eis net mussen de Kapp driwwer zerbréchen, duerch wat fir ee Kamäin, mat wat fir enger Héicht mer deen an der Uewerstad mussen erausféieren, mer grad esou séier fäerdeg ginn. Vlächcht kréie mer och nach ee Joer Verzögerung, mä da soen ech nach, datt dat par rapport zu all deem aneren eppes ass, wat onbedéngt misst verkraaft gi kënnen, an ech wëll och hei dat zitérieure wat eis Expäre gesot hunn: "Unter der Voraussetzung, dass für den Alternativstandort sofort umfassende Planungssicherheit bestünde und die Planung sowie die erforderlichen Genehmigungsverfahren im Konsens aller Entscheidungsträger zügig durchgeführt würden ..." géing dat ganz séier goe kënnen.

Wat wëllt dat do soen? Dat wëllt soen, an dat ass deen Appel, deen ech och hei nach eng Kéier maache wëll, dat wëllt soen, dass wann de politesche Wëllen do wär, fir iwwerhaapt nëmmen op déi Argumenter anzegoen, déi hei virbruecht gi sinn, da wär et sécherlech méiglech fir à la fois fir d'Justice ganz séier eppes dohinner ze kréien, wat funktionell och nach besser wär. Well an deem Avis stinn och nach eng ganz Rei Bemierkungen, wou et elo net un der Stad ass, fir se ze jugéieren, mä wou ech awer een Appel lancéieren, datt och d'Magistratur an alleguerten déi, déi herno an deem Gebai schaffe mussen, sech deen Avis wierklech eng Kéier am Detail op d'Long zéien, well do sinn eng ganz Partie Geschichten dran, Remarque gemaach, wou et sécherlech nach méiglech wär, an där definitiver Planung deem Rechnung ze droen. Mä hoffentlech geschitt dat, well soss sinn elo scho grave Mängel virprogramméiert an der Funktionalitéit vum Justizapparat op dem Site vum Hellege Geescht.

Aus all deene Grënn, Här President, nach eng Kéier den Appel un d'Regierung, well et ass un hir fir ze décidéiere finalement, ob se mat eis a mat där enger Gesellschaft, déi Propriétaire vun deenen aneren Terrainen ass, e Gespréich féiere wëllt, a mir si ganz gären dobäi behëlleflech, fir dann déi Alternativ hei am gemeinsamen Intérêt vun der Justice a vun der Stad ze réaliséieren. Wann natierlech d'Regierung aus egal welleche Grënn och ëmmer, mä hoffentlech sinn et net déi, déi haut op den Dësch koumen, décidéiert, si géing awer bei hirem Projet bleiwen, da soen ech et nach eng Kéier, da muss schwéieren Häerzens de Buergermeeschter vun der Stad Lëtzebuerg aller Wahrscheinlechkeet och nach do déi definitiv Baugenehmigung ginn, mä ech weess awer dann, datt d'Responsabilitéite fir déi Entscheedung ganz kloer sinn.

**Des voix.-** Très bien.

**M. le Président.-** Den Här Bisdorff huet d'Wuert.

**M. Aloyse Bisdorff (déi Lénk).** - Här President, ech wollt e puer Wuert an dësem Zesammenhank soen. Wann een nämlech eng besser Léisung fir ee Projet fënnt oder wann eng besser Léisung proposéiert gëtt, dann ass et net noutwendeg, dass een op deem Ale beharre muss, eleng well virdrun eng Entscheedung an deem Sënn geholl gi wär.

D'Gesetz iwwert de Rehazenter zu Diddeleng zum Beispill war och hei gestëmmt ginn, a wann ech mech gutt erënnere mat enger grousser Majoritéit, an e puer Méint dono ass déi Entscheedung ëmgeworf ginn. Fir mech ass d'Léisung op der Rocade städtebaulech a verkéiers-technesch déi bescht. Ech wëll drun erënnere, dass d'Gebai vun der Baloise huet ofgedroe misst ginn, well et ze héich gebaut war, elo knapp honnert Meter dovunner ewech entsteet also och ee Gebai, wou ech mer kaum virstelle kann, wann et dee Volume kréie muss, deen noutwendeg ass fir eis Cité judiciaire, dass dee manner héich gi kann, wéi dat wat d'Baloise jeemools war.

*(Interruption et hilarité)*

**M. le Président.-** Loosst dach den Här Bisdorff schwätzen an ënnerbriecht en net dauernd!

*(Interruptions diverses)*

**M. Aloyse Bisdorff (déi Lénk).** - Da kuckt lech dat eemol un! Wann dat eng Kéier de Fall gëtt, dass do d'Begrenzung an der Bauhéicht opgehuewe gëtt an net méi fir d'Alstad gëllt, da wäert Der gesinn wat fir eng Dieren dass Der do opgemaach hutt, wat eisen ale Stadkär ubelaangt.

D'Stäreplaz, déi hei ugeschnidde ginn ass, wär och eng Méiglechkeet, mä ass awer verkéierstechnesch ouni Zweifel net esou gënschteg wéi d'Rocade, an duerfir géing ech mech och der Proposition vum Här Garcia usschléissen.

**M. le Président.-** Dir Dammen an Dir Hären, domat hätte mer eisen Ordre du jour erledegt. Déi nächst Sitzung si virgesinn den Dënschdeg, de 7. Mee, an de Mëttwoch, den 8. Mee. Den Ordre du jour gëtt lech schrëftlech zoukomme gelooss.

D'Sitzung ass opgehuewen.

*(Fin de la séance publique à 20.04 heures)*